



Seul le discours prononcé fait foi

Fête nationale 2017

Cérémonie officielle à la Philharmonie Luxembourg

Discours de S.A.R. le Grand-Duc

Här Prääsident vun der Chamber,
Här Staatsminister,
Dir Damen an Hären Deputéierten,
Dir Damen an Häre Ministeren,
Exzellenzen,
Léif Matbierger alleguer,

Nationalfeierdag ass all Joer op en Neits e wichtegen Dag fir eis Gemeinschaft. Et ass deen Dag, wou d'Sensibilitäten an d'Differenzen tëscht deenen engen an deenen aneren zréckgestallt ginn. Haut kucke mir op dat, wat mir gemeinsam hunn, a wat eis als Natioun ausmécht. Mir hunn all Grond, houvreg op dat ze sinn, wat eist Land Opweises huet. Haut ass den Dag vun eis all, den Dag op dem mir all zesumme stinn, zesumme feieren an eis freeën.

Mee mir kucken haut awer och iwver eis Grenzen eraus a gesinn déi vill Rëss, déi sech an der Welt opdinn. Eng Welt, déi ëmmer méi „onberechenbar“ gëtt, wéi den Antonio Guterres, Generalsekretär vun der UNO dat ganz treffend beschriwwen huet. Ech denken un déi rezent grujheleg Attentater, déi an de leschte Wochen fir vill Misär a Leed bei eisen Nopere, Partner a Frënn gesuergt hunn.

Déi Rëss vun deenen ech virdru geschwat hunn sinn den Ausdrock vun engem Epochewiessel. Reliéis, ideologesch oder politesch Radikalitéit schéngt a villen Deeler vun der Welt e gewësse Succès ze hunn. Geopolitesch Gläichgewiichter ginn op d'Spill gesat. Déi international Zesummenaarbecht am Kader vu stablen regionalen Ensembles huet net méi fir jiddereen dee selwechte Stellewäert.

Et geet net drëm, Alles nëmme schwaarz ze gesinn - well et gi gutt a vill Grënn fir optimistesche ze bleiwen. Mir musse virun allem e kloer Kapp behalen fir déi richteg Décisionen ze huelen, zesumme mat eise Partner a Frënn. Méi wéi je mécht Europa als Schicksalsgemeinschaft Sënn.

Ech denken, datt déi laang Zäit vun der Onbeschwéiertheet eriwver ass, op mannst fir de Moment emol. Déi aktuell Erausforderunge verlaange vun eis Courage a starke Wellen. Mee mir sollten äis ëmmer virun Aen haalen: déi Generatioune virun eis hu méi schwéier Zäite missen erliewen wéi mir, a si hunn duerchgehalen. Mir sinn hinnen et schëlleg, mat grad esou

vill Déterminatioun deenen aktuelle Geforen, an zwar den Extremismen, de Populismen, an den nationalen Egoismen entgéintzotrieden.

Datt mir iwuerzeegt si vun eiser Demokratie, eisen Institutiounen, an de Wäerter, déi eis Gesellschaft zesammenhalen, ass vu grousser Bedeitung. Charakterstärkt ass hei gefrot. Mat gesondem Selbstvertrauen an der néideger Wäitsicht kënne mir extremen Haltungen d'Stir bidden.

De Winston Churchill ass net nëmme wéint séngem grousse Courage an d'Geschicht agaang. Virun Allem huet hie sech duerch näischt vu sénge Prinzipien ofbréngé gelooss. Andeems mir eise Wäerter trei bleiwen, beweise mir eis Stäerkt. Eise politesche Modell, deen op Demokratie, Fräiheet an dem Respekt vun de Mënscherechter baséiert, ass keng Selbstverständlechkeet. En ass d'Resultat vu vill Méih an engem laange Prozess. Dat däerfe mir nie vergiessen.

Dir Dammen an Dir Hären,

Mir hunn d'Chance, datt Lëtzebuerg bis elo, an enger Welt voller Oprouh, zimlech gutt ewech komm ass. Och wann eist Land op ass fir Anerer, esou gëtt eisen Zesammenhalt ënnerteneen awer net méi kleng, bien au contraire. Opfalend ass d'Sérénitéit an d'Rouh, mat däer eist Land evoluéiert. A genee dës gréisstendeels harmonesch Approche tëscht de Menschen garantéiert eisen ekonomesche Succès, deen der Gesellschaft zeguttkënnt. Fazit ass, datt Lëtzebuerg e Land ass, an deem et sech gutt liewe léisst.

Och d'Aart a Weis, wéi eis Institutiounen am Dénsgsch vum Land a vu senge Bierger stinn, däerf eis optimistesche stëmmen. Haut ass d'Politik méi wéi je gefuerdert. Si muss nuancéiert Äntwerten op ëmmer méi komplex Froë ginn. Einfach Äntwerte ginn et net, och wa Verschiddener dat gären hätten. An eiser klenger Gesellschaft, wou een op deen aneren ugewisen ass, ka kee behaupten, eleng Recht ze hunn.

Léif Leit alleguer,

Well mir virun enger laanger Walperiod stinn: Gemengewahlen am Hierscht, Chamberwahlen dat Joer drop an Europawahlen 2019, maachen ech en Appel un all déi, déi um politeschen Débat deelhuefen: Féiert konstruktiv a lieweg Debatten, sidd fair a weist Toleranz bei kontroversen Iddiën an hutt Respekt am Ëmgang mateneen. En Débat, deen esou gefouert gëtt, ass gutt fir eist Zesummeliewen an ass en Zeeche vun enger erwuessener Demokratie.

E puer Méint viru de Gemengewahlen, well ech all deenen, déi Dag fir Dag am Dénsgsch vun der Allgemengheet stinn, Buergermeeschteren, Schäffen a Gemengeconseillere Merci soen. Mir hunn all Ursach, mat eiser lokaler Demokratie zefridden ze sinn. Et ass um Terrain, wou de Bolz vun eiser Demokratie schléit, no bei de Mënschen, an et ass och do, wou d'Politik mat de konkrete Problemer vun de Leit konfrontéiert gëtt a Léisungen ausschafft. Eis heiteg Zäit ass dacks vun Egoismus geprägt. Ëmsou méi Respekt verdéngen déi Mënschen, déi sech an hir Energie an den Dénsgsch vun eis alleguerte stellen.

Dann denken ech och un all déi, déi bereet sinn, sech am Oktober dem Wieler ze stellen. Et wäer gudd, wann mir d'Diversitéit vun eiser Gesellschaft nach méi am politesche Liewe géifen erëmfannen. Och wa scho vill geschitt ass, sou kéint den Undeel vun de Fraen, déi eng politesch Roll iwuerhuelen, awer secher nach verbessert ginn. Wat den Undeel vun den Nët-Lëtzebuerger an de Gemengeréit ugeet, do bleift nach e gutt Stéck Wee virun eis. Alles an allem wäer et e schéine Geste vu Solidaritéit an eiser Gesellschaft, wa vill Fraen oder Männer, Lëtzebuerger oder Nët-Lëtzebuerger, sech an d'Kandidatelëschte géifen aschreiwen. Dat demokratescht Liewen ass méi, wéi eng einfach Walpflicht, déi de Wieler all puer Joer aus enger gewässer Distanz erfëllt. Et sinn den aktiven Asaz an d'Bedelegung un der politescher Diskussioun, déi e Gefill vun Zougeheiregkeet ginn.

Dir Dammen an Dir Hären,

Op dësem Nationalfeierdag, hunn ech bewosst och op déi manner glëcklech Entwécklungen an der Welt higewisen, wou vill Repère verluer ginn, wou Allianzen a Fro gestallt ginn, a wou Frëndschaften a Solidaritéiten och nei bestäetgt musse ginn. Trotz all dësen héighen Ufuerderunge sinn ech frou, datt mir et als Land fäerdegbuecht hunn, Harmonie a Rouh an eiser Gesellschaft ze erhalen. Wa mir eisem Versprieche vun Eenegkeet trei bleiwen, kënnen mir all zesammen, Lëtzebuerger an Nët-Lëtzebuerger, berouegt an d'Zukunft goen, a mat enger eenzegaartager Stëmm, an Europa an an der Welt gehéiert ginn.

Vive eist Land, vive Lëtzebuerg an engem vereenten Europa!